1-2021-O-M-6464-01 (n° 3673)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Lëtzebuerg, den 18. November 2021, den 18/11/2021

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- dass aktuell an Europa vill iwwer gefälschte Covid-Impfcertificate bericht gëtt an esou Certificaten och schonn zu Lëtzebuerg opgetaucht sinn;
- dass ënnert anerem Däitschland, Frankräich an Italien scho Mesure geholl hunn, fir dass gefälschte Certificaten esou séier wéi méiglech net méi als valid Dokument vun de Kontroll-Applikatioune vun den eenzele Länner erkannt ginn;
- dass d'Madamm Gesondheetsministesch an der Chamberssëtzung vum 16.11.2021 gesot huet, dass der Regierung bekannt ass, dass esou Certificaten zirkuléieren an entspriechend Dossieren och schonn un d'Justiz weidergeet goufen;
- dass eng Rei gefälschte Certificaten, déi op de Soziale Reseauen an de vergaangen Deeg vill gedeelt gi sinn an dofir eng bestëmmte Bekanntheet eréischt hunn, a villen EU-Länner vun de jeeweileg Kontroll-Applikatiounen net méi akzeptéiert ginn, an awer trotzdeem nach weiderhi vun der CovidCheck-Applikatioun ugeholl ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. d'CovidCheck-Applikatioun esou séier wéi méiglech ze aktualiséieren, fir ze verhënneren, dass déi aktuell bekannte gefälschte Certificate weiderhi vun der App als valid Dokumenter erkannt ginn;
2. d'Applikatioun esou unzepassen, dass de Fingerprint vun engem Certificat zu all Moment a kierzester Zäit an der App kann hannerluecht ginn, esou dass d'Applikatioun beim scanne vun engem esou hannerluechte gefälschte Certificat direkt uweist, dass et sech em eng Fälschung handelt.

Sven CLEMENT